# Carte blanche RTL radio 20 Novembre 2020

Michel Maquil, Président de InFiNe.lu

## Version française

La pandémie de Covid-19 a touché de plein fouet tous les pays occidentaux.

Il n'est dès lors guère surprenant que les pays en développement dépourvus de réserves financières pour surmonter une telle crise aient immédiatement suscité de grandes inquiétudes dans l'hémisphère nord

Étonnamment, jusqu'à présent, des pays en développement comme ceux d'Afrique ont plutôt bien réussi à passer cette période difficile de la crise sanitaire.

Une des raisons en est qu'il s'agit d'une population très jeune, qui est beaucoup moins affectée par le virus. Ensuite, le modèle familial africain est différent du nôtre. Les enfants, les parents et les grands-parents vivent souvent sous un même toit. Ainsi, dans toute l'Afrique, il n'existe pratiquement pas de maisons de repos pour personnes âgées. Les habitants de ces pays voyagent très peu et surtout mais avant tout, les gouvernements africains ont réagi très rapidement et d'une manière très efficace et cela en dépit du peu de moyens à leur disposition. Ces mesures tout aussi contraignantes que celles imposées dans pays occidentaux ont aussi été acceptées sans résistance notable de la part des populations concernées. Cette situation s'explique par le fait que l'Afrique a fait des expériences très douloureuses avec une autre pandémie que représente Ebola. Les pays africains savaient d'emblée comment agir et pour une large part avaient même encore certaines infrastructures en place.

À quelques exceptions près, ces pays recensent peu de cas d'infection au Covid-19 par rapport aux pays européens.

Malheureusement, du point de vue économique, les pays africains n'ont pas pu tirer leur épingle du jeu pendant la pandémie, parce que le commerce avec les pays occidentaux a trop reflué et qu'en plus, nombre de pays européens ont revu à la baisse leur aide directe au développement.

Cela a eu comme conséquence que la dette nationale déjà élevée des pays en développement a encore continué à grimper. Le risque qu'une crise financière d'envergure y éclate prochainement est bien réel.

Une telle crise aurait aussi des conséquences majeures sur nos pays, car au cours des dernières années, nombre de grands investisseurs internationaux, dont des fonds d'investissement et des fonds de pension, ont acquis des emprunts de ces pays pour la simple raison qu'ils offraient des conditions financières attractives. Ainsi ces pays doivent payer des taux d'intérêt élevés lorsqu'ils souhaitent emprunter de l'argent sur les marchés internationaux. Malheureusement, ces investisseurs semblaient avoir oublié que quand un pays doit payer des taux d'intérêt élevés sur sa dette, c'est pour couvrir un risque élevé. Et un tel risque pourrait se concrétiser à présent.

Pour les pays du Sahel, le service de la dette publique représente quelque 15 % des recettes générées par leurs exportations de biens et services et ce rapport affiche une tendance à la hausse. C'est également dû au fait que le volume de ces exportations a diminué.

Dans une logique de finances durables, les pays occidentaux devraient réfléchir sur l'opportunité de prêter de l'argent à ces pays à des taux qu'ils ne peuvent pas assumer. Cette situation se soldera tôt ou tard par une catastrophe, et cela non seulement en Afrique, mais aussi en Amérique latine voire dans d'autres pays en développement. Il est urgent de réfléchir sur d'autres manières plus efficaces de venir en aide à ces pays.

Michel MAQUIL
Président InFiNe a.s.b.l.

Sources:

**Coronavirus in Africa: Five reasons why Covid-19 has been less deadly than elsewhere** , BBC, 7 octobre 2020, 2020: https://www.bbc.com/news/world-africa-54418613
**Schwellenländer am «finanziellen Abgrund» – warum eine drohende Schuldenkrise auch in der Schweiz spürbar wäre**, NZZ ,14 octobre 2020 : https://www.nzz.ch/finanzen/anleihen/coronavirus-und-schwellenlaender-angst-vor-einer-schuldenkrise-ld.1580115

## Version luxembourgeoise

D'Pandemie déi duerch de Covid-19 ausgeléist gouf, huet eis westlech Länner ganz haart getraff.

Duerfir goufe sech gläich vill Suerge fir d'Entwécklungslänner gemaach, déi keng Reserven hunn fir esou eng Kris ze meeschteren

Erstaunlecherweis hu Länner wéi z.B. déi an Afrika, sech bis elo relativ gutt duerch déi sanitär Kris geschloen.

Dat ass bedéngt well si eng äusserst jonk Bevëlkerung hunn, déi vill manner vum Virus getraff gëtt. Dann ass den afrikanesche Familiemodell anescht wéi bei eis. D'Kanner liewe meeschtens mat den Elteren an de Grousselteren ënnert engem Daach. Esou gëtt et dann och a ganz Afrika kaum Altersheemer. D'Awunner an deene Länner reese ganz wéineg an da besonnesch hunn hir Regierunge ganz fréi a ganz séier reagéiert an trotz wéinege Mëttelen déi richteg Schrëtt ënnerholl. Déi Schrëtt sinn och ouni nennenswaërte Widderstand vun den Awunner akzeptéiert ginn. Dat erkläert sech och doduerch datt Afrika rezent batter Erfahrunge mat Ebola huet misse maachen. Esou woussten déi betraffe Länner wéi se direkt hu misse richteg handelen.

Mat e puer Ausnahmen hunn déi Länner dann och wéineg Fäll vu Covid 19 Infektiounen am Verglach mat europäesche Länner .

Leider konnten déi afrikanesch Länner net profitéieren vun hierer wirtschaftlecher Situatioun an der Pandemie, well den Handel mat de westleche Länner staark zréckgaangen ass an derbäi och déi direkt Entwécklungshëllef vu villen westleche Länner ofgebremst gouf.

Dowéinst ass déi schon héich national Verscholdung vun den Entwéckelungslänner nach weider geklommen. De Risiko besteet elo datt relativ séier eng gréisser Finanzkris do ausbrécht.

Inclusive Finance Network Luxembourg

Esou eng Kris géif och an eise Länner gréisser Konsequenzen mat sech bréngen well an de läschte Joeren, vill grouss international Investisseuren ënner aneren Investment Fongen a Pensiounsfongen sech mat Emprunten vun esou Länner agedéckt hunn. Déi Länner mussen héich Zënse bezuelen wa se Geld wëlle léinen. Leider haten esou Investisseure bal vergiess datt wann ee Land héich Zënsen op senge Scholde muss bezuelen dann ass dat fir en héije Risiko ofzedécken. An esou ee Risiko kéint elo antrieden.

Bei de Sahel Länner, stellt de Scholdendéngscht ronn 15% duer vun allem wat déi Länner duerch hier Exporter verdéngen, an dee Prozentsaz weist eng Tendenz no uewen. Dat ass och de Fall well d'Exporter zréck gaange sinn

Am Sënn vun enger nohalteger Finanz, misst een doriwwer nodenken op et wierklech Sënn mécht deene Länner Geld ze léinen zu Zënssätz déi se net verkraften kënnen. Dat féiert éischter oder spéider net nëmmen an Afrika, mä och a Latäinamerika zu enger Katastroph. Do misst een iwwerleeën wéi deene Länner iwwer aner Weeër, besser gehollef ka ginn.

Michel MAQUIL
Fräie Wirtschaftsberoder
Fréieren Direkter vun der Lëtzebuerger Bourse

Quellen:

**Coronavirus in Africa: Five reasons why Covid-19 has been less deadly than elsewhere** , BBC, October 7, 2020: https://www.bbc.com/news/world-africa-54418613
**Schwellenländer am «finanziellen Abgrund» – warum eine drohende Schuldenkrise auch in der Schweiz spürbar wäre**, NZZ Oktober 14, 2020: https://www.nzz.ch/finanzen/anleihen/coronavirus-und-schwellenlaender-angst-vor-einer-schuldenkrise-ld.1580115